

# MIR BAUEN OP NATIERLECH MATERIALIEN.




An de leschte Joere gewënnt d'Holz am Bausecteur ëmmer méi un Terrain an dat kënnt net vun ongeféier. Dës wäertvoll Ressource ka villsäiteg agesat ginn a bitt grad a Kombinatioun mat aneren natierleche Materialien ewéi Stréi, Leem oder Woll en enormt Potenzial.

Am Kader vum LEADER-Projet „Mir bauen op Holz" geet et doréms privaten an ëffentleche Bauhären ze weisen, wéi Holz aus eise Bëscher ka bei Bauprojeten agesat ginn.

Nohalteg

Energieeffizient

Klimafréndlech



# REGIONAL VS. GLOBAL



Holz ass eng natierlech Ressource, déi an eise Bëscher wiisst. Firwat se also net op der Plaz notzen amplaz laang Transportweeër iwwert d'Grenzen a Kaf ze huelen.

E schéine lëtzebuerger Bam... gëtt ëm gemaach a soll verschafft ginn.

## lokalen a regionale Kreeslaf

- duerch d'Hierkonft an regionaalt Verschaffen eng héich Identifikatioun mam Produkt
- lokal a regional Plus-Value
- Veraarbechtung hei am Land oder an der Grenzregioun vun Aarbechter, déi sozial ofgeséchert sinn an dem Gesetz no bezuelt ginn
- héichwärteg Produkter
- kuerz Transportweeër
- Schafe vun Aarbechtsplazen


## Globale Kreeslaf

- net ëmmer fair Präisser
- wäit Transportweeër
- oft schlecht Aarbechtskonditiounen
- schlecht $CO_2$-Bilanz
- wéineg Identifikatioun mam Produkt





# VUM BAM ZUM BAUMATERIAL.

Holz ass e Material wat sech immens gutt als Baumaterial eegent an trotzdeem heefeg ënnerschätzt gëtt.
D'Holz ass eng natierlech an nowuessend Ressource. Méi ewéi en Drëttel vun der Regioun Mëllerdall besteet aus Bësch, déi heefegst Bamaart ass d'Bich. Traditionell ginn haaptsächlech d'Fiicht an d'Douglasie am Bausecteur genotzt. D'Eech déi fréier d'Haaptbamaart am Bausecteur war, gëtt haut éischter am Miwwelbau verwennt.





**De Bësch an der Regioun Mëllerdall (12 Gemengen): 38% vun der Surface vun der Regioun (296 km²) d.h. 11.290 ha.**





**QUADERBÄNK**
**Zouwues pro Minutt vun Holz am Bësch an der Regioun Mëllerdall: 0,165m³**



# D'BICH

D'Bich ass bis ewell éischter stéifmütterlech behandelt ginn, obwuel et déi heefegst Bamaart zu Lëtzebuerg ass. Et ass e nervööst Holz, dat vill schafft. Dofir kann et net einfach sou verbaut ginn. Mee mëttlerweil ginn et extra Verfaren déi et erlaben d'Bichenholz am Bau ze gebrauchen.

**Bei 80 Joer Wuesstum:**





Quell: Swiss Climate, carbon-connect.ch

# LEEM: EN AALT MATERIAL, NEI ENTDECKT

Leem gouf scho viru Joerdausende beim Bau vu Gebaier genotzt, allerdéngs si mat der Zäit grad an eise Gebitter d'Qualitéite vun dësem Material a Vergiess geroden an aner Materialie privilegéiert ginn.
Mee an de leschte Jore mécht sech och vis-à-vis vun dësem Material e Sënneswandel bemierkbar, an dat huet seng Grënn. Leem ass en nohaltegt Material a muss net kënstlech hiergestallt ginn, et ass hei am Land verfügbar a ka ressourcëschounend ofgebaut ginn. Et kann als Botz, Speis oder fir d'Dämmung genotzt ginn. Seng Fäegkeet d'Loftfiichtegkeet ze reguléieren a Schuedstoffer ze absorbéieren, droen zu engem gesonde Raumklima bäi.





# SCHOFSWOLL

D' Virdeeler vu Woll sinn am Textilberäich scho laang bekannt, mee firwat dës Eegenschaften net am Bauberäich notzen. Woll eegent sech perfekt als Dämmstoff. Änlech wéi de Leem hëlt d'Woll schiedlech Substanzen a Fiichtegkeet op an dréit esou zu engem agreabele Raumklima bäi.
Woll, a Form vu Filz, eegent sech och gutt als akustesch Dämmung vun engem Raum a gëtt als Schutz géint de Schall agesat.



© Coeba

# STRÉI

Am Zesummenhang mat Baue mam Holz gëtt oft vum Stréi geschwat. D'Stréi kann entweder mat verbotzt oder verbaut ginn, z.B. a Form vu Stréiballen déi als Dämmmaterial agesat ginn. D'Stréi huet eng Rëtsch Virdeeler. Et ass eng natierlech a nowuessend Ressource, déi an eise Géigende verfügbar ass, wouduerch d'Transportweeër kuerz sinn. Sollt d'Gebai eng Kéier ofgerappt ginn, sou huet d'Stréi de Virdeel, datt et liicht ze recycléieren ass. Den Asaz vum Stréi am Bau ass net komplett nei, nieft Projeten hei am Land, si besonnesch d'Erfarungen aus eisen Nopeschlänner eng wichteg Grondlag.




© Steve Troes

# E PILOTPROJET, DEE SENG FRIICHTEN DRÉIT.

Datt d'Aussoen zum Thema „Nohalteg Bauen“ net aus der Loft gegraff sinn, dat kann een um Beispill vum Gebai vun der Maison Relais „Bei de Kueben“ um Angelsbierg gesinn.
Bei dësem Bauprojet hunn d'Gemeng Fëschbech zesumme mam Architekten- & Ingenieursbüro Coeba decidéiert nei Weeër ze goen an op nohalteg Baumaterialien ze setzen. Nohalteg net näm-men an deem Sënn, datt de Gros vun de Baustoffer recycléiert kënne ginn an eng besser Ökobilanz ewéi déi gängeg Baustoffer hunn, mee nohalteg och an deem Sënn, wéi déi ganz Materialie sech op d' Leit auswierken, déi dëst Gebai de ganzen Dag iwwer notzen. De Feedback vum Personal vun der Maison Relais an de Kanner ass allgemeng positiv, virun allem den agreabele Raum-klima gëtt ervirgehuewen.







© Steve Troes






# WIEN OP HOLZ BAUT, DEE...

...BAUT NOHALTEG

...SETZT OP ENG WIRTSCHAFT VUN DE KUERZE WEEËR

...ËNNERSTËTZT D'HANDWIERK AN DÉI LOKAL BETRIBER

...GEET NEI WEEËR.



# IMPRESSUM

*Herausgeber:* REGIONAL INITIATIV MËLLERDALL – RIM A.S.B.L.

*Texter:* Caroline Kohl

*Fotoen:* LEADER Regioun Mëllerdall / Liz Hacken Photography / Jacques Krecké / Coeba sàrl / Steve Troes / Charel Faust / Caroline Kohl

*Layout:* Marc Wilmes Design sàrl

RIM
Regional Initiativ Mëllerdall

LEADER

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Europäischer Landwirtschaftsfonds für die Entwicklung des ländlichen Raums: Hier investiert Europa in die ländlichen Gebiete.